ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Leit, déi iwwer eng wäertvoll Bichersammlung verfügen a virun hirem Doud oder aus engem anere Grond dës Sammlung enger Bibliothéik als Don schenke wëllen, stoussen oft op Widderstänn a kréien eng Ofso, well et an de Bibliothéiken net genuch Personal oder einfach net genuch Plaz gëtt, fir dës Bichersammlungen ze stockéieren. Och kréie si gesot, eng gutt Bibliothéik géif nëmme mat neie Bicher fonktionéieren, soss wier et keng Bibliothéik, mee ee „Bichermusée" oder „Bicherkierfecht". D'Leit ginn dann oft u Bicherveräiner verwisen, wéi zum Beispill d'Lëtzebuerger Bicherfrënn oder de Lënster Bicherclub Luxemburgensia. Mee och dës Veräiner stousse séier un hir Grenzen, well se einfach net genuch Plaz fir d'Bicher hunn an doduerch och méi selektiv sinn, wéi dat nach fréier de Fall war. Oft ginn doduerch wäertvoll oder originell Bichersammlungen, déi duerchaus zum Patrimoine mobilier vum Land ze rechne sinn, verluer oder an d'Ausland verschenkt. Verstäerkt gëtt dësen Trend doduerch, datt et zu Lëtzebuerg kaum modern Antiquariater, also Librairië mat moderne Second-hand-Bicher gëtt.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wat gëtt staatlechersäits ënnerholl, fir ze verhënneren, datt wäertvoll privat Bicherbestänn, déi als Don un ëffentlech Bibliothéike virgesi sinn, verluer ginn, well d'Bibliothéiken net genuch Personal oder Stockage-Méiglechkeeten hunn?
2) Ginn et Iwwerleeungen an der Regierung, de Bicherveräiner ouni Gewënnzweck méi entgéintzekommen, sief et finanziell oder andeems de Staat hinne Raimlechkeete gratis zur Verfügung stellt?
3) Ass dru geduecht, fir Veranstaltunge wéi d'Walfer Bicherdeeg, d'Veiner Pabeier- a Béicherdeeg a generell all d'Bicherfléimäert hei am Land – méi, wéi dat bis elo de Fall war – ze ënnerstëtzen, sief et duerch Werbecampagnen oder finanziell Bäihëllefen?
4) Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, ee spezielle Förderprogramm anzeriichten, deen et bicherbegeeschterte Mënsche méi liicht maache géif, modern Antiquariater (mat Gewënnzweck) ze grënnen?
5) Kann d'Regierung preziséieren, ob Luxemburgensia ganz allgemeng zum Patrimoine culturel mobilier vun eisem Land gehéieren bzw. wéi eng Konditioune si erfëlle mussen, fir dësem Patrimoine zougerechent kënnen ze ginn? Ass dru geduecht, eng Aart „Sammelstell" ze grënnen, an där all dës Bicher, wa se an engem akzeptablen Zoustand sinn, kënnen opgeholl a sou laang stockéiert ginn, bis se eng nei Adress fonnt hunn?

6) Wéi eng Méiglechkeeten huet de Staat, fir ze verhënneren, datt „livres anciens“, also Bicher vu virun 1800 mat héijem nationale Wäert, bzw. Privatbibliothéike mat esou Bicher, iwwer d'Grenze verschwannen?
7) Wéi eng Bicher vu Privatleit goufen an deene leschten zéng Joer vum Staat opkaaft? Wat ass mat dëse Bicher geschitt?
8) Ass dru geduecht, fir Privatleit, déi hir Bicher verschenke wëllen, d'Méiglechkeet ze ginn, hir Sammlung vun engem staatlech unerkannten Expert evaluéieren ze loossen a sech vun him beroden ze loossen, wat si mat hire Bicher maache kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten